N°4493
Entrée le 20.07.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 20.07.2026
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 03/07/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Sozialversécherung & Verdeedegung weiderzeleeden.**

De Pensiounsfong geréiert geréiert an investéiert an déi verschiddenste Firmen. Et existéiert awer och eng schwaarz Lëscht vu Firmen, an déi de Fong aus moralesche Grënn net dierf investéieren.

SpaceX ass eng privat Entreprise, déi nieft kommerziellen Aktivitéiten och eng ëmmer méi wichteg Roll am Beräich vu Weltraum- a Verdeedegungsberäicher spillt. De Lëtzebuerger Staat hat de 26ten August 2025 iwwert dës Firma Lëtzebuerger Äerdobservatiounssatellit NAOS gestart, deen am Kontext vun der Lëtzebuerger Defense steet.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Fro stellen:

1. Huet de Fonds de compensation aktuell direkt oder indirekt Investissementer a SpaceX oder a Fongen oder aner Finanzinstrumenter, déi direkt oder indirekt a SpaceX investéiert hunn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

Sensibilité Politique Piraten

Chambre des Députés